

fesser Häfner, de Professer Rössler, sollt mat där doter Aufgab beoptragen. E sollt eis also zweeërlee liwweren.

Éischstens d'Bilanzéierung vun deem, wat an deene leschten 12, 13 Joer um Terrain geschitt ass, an Ausbléck op dat wat mer zesumme sollte maachen. Ofgemaach ass mat der Chamberskommissioun, a ganz gär och mat der Chamber, dass wa mer dee Rapport virleien hunn, dass mer doriwwer diskutieren. Well ech mengen et ass wichteg, dass een hei och duerch eng anstänneg Diskussioun de Sukkurs kritt vun dësem Haus, fir weider an der Psychiatrie ze kommen.

Mir hunn zwar vill ëmgebaut an der Psychiatrie, mä mir sinn nach laang net um Enn vun där Emstrukturéierung an nächst Etappe wäerte mat Sécherheet op eis zoukommen. Dat wat an den 90er Joren ausgeléist ginn ass, war eng gutt Saach. Dezentraliséierung, Diversifizéierung, Embau vun der Mentalitéit, och net nëmme vun de Gebaillechteeten, well mer ganz kloer vun enger Mentalitéit ewech komm sinn, déi drop erausgelaf ass, dass de psychesch Kranke stigmatiséiert an de Rand vun der Gesellschaft gestallt ginn ass a Richtung zu enger Approche, déi de psychesch Kranken als Kranke schlechthin ugesäit, deen d'selwecht behandelt verdéngt wéi all aner Kranken, mat deene selwechte Rechter, mat deene selwechten Uspréech och op Qualitéit, an ech mengen dat ass déi richteg Richtung, déi ageschloe ginn ass.

Europawäit ass d'Psychiatrie weider am Embroch. Ech hat d'Geleeënheet op enger ganz interessanter Konferenz derbäi ze sinn, wou dat, wat an der Psychiatrie an deene leschte Jore geschitt ass, och bilanzéiert ginn ass a wou déi verschidden Acteurë sech eens gi sinn, weiderzefueren op der Entstigmatiséierung vun der Psychiatrie. Mir sinn nach net um Enn ukomm.

Um Terrain huet sech also ganz viles gemaach, ugefaang beim Centre neuropsychiatrique, dee säi Statut geännert huet, deen awer och seng Missiounen adaptéiert huet, wou net méi ze vergläichen ass mat deem Zentrum, dee mer nach virun 20, 30 Joer kannt hunn. An do muss ee soen, et ass extrem vill geschitt. Et ass sech a Fro gestallt ginn. Et sinn diversifizéiert Strukture ronderëm de Centre neuropsychiatrique entstanden an dat och wann een heiansdo elo an de Vierdergrond deen een oder anere Problem stellt, déi berechtegt sinn, dass ee sech drëm këmmert, soll een net vergiessen all dat Positiivt wat um Terrain geschitt ass.

An ech mengen et ass och heiansdo mol d'Geleeënheet, wann ee Kritik übt, och Leit Merci ze soen, déi duerch hire Bénévolengagement zum gudden Deel an engem Verwaltungsrot de Kapp mussen duerhale fir eppes wat sech ännert, mä déi nom beschte Wëssen a Gewësse schaffen. Eng Direktioun déi et net einfach huet an enger Emstrukturéierung an och e Personal wat vill Engagement bréngt a sech zu Recht Froe stellt.

Et ass gemengt ginn, dass et net onbedéngt engem Minister seng Aufgab ass fir sech ëm d'Problemer ze këmmern, déi an engem Etablissement public bestinn. Ech mengen awer, an do gesinn ech meng Missioun esou, och wann ee sech net direkt amëscht, dass een awer Médiateur ka spillen an, wann ee gesäit dass en Dialog zwar misst bestoen, mä dass eischer laanschtenee geschwat gëtt an dass ee vläicht déi Instrumenter, déi Schlësselen net am Grapp huet, fir erëm mateneen zesummen ze fonctionnéieren, dass een dann iwwer eng ganz Rei vu Gespréicher an alle Richtungen deen Dialog erëm kann hierstellen.

Ech si ganz frou, dass do um Terrain sech munches beweegt huet. Et soll een net soen, dass elo alles

rosa ass an dass een de Gletscherbrëll kann undoen a soen, et ass alles besonnesch schéin an där schéinster Welt. Mir sinn nach net um Enn vun de Problemer. Mä et gëtt gutt an intensiv matenee geschwat, a soubal wéi matenee geschwat gëtt, ass dat och richteg.

Also, vill geschitt beim CHNP. Vill geschitt ronderëm de CHNP. Vill geschitt am Extra-hospitalier. Do sinn d'Strukturen opgebaut ginn, déi si modellhaft an ech hunn den Tour an deene leschte Méint duerch déi verschidden Institutiounen gemaach an ech kann nëmme soen, dass hei excellent Aarbecht geleescht gëtt an der Betreierung, an de Wunnstrukturen, an den Ateliers thérapeutiques. Do gëtt fantastesch Aarbecht geleescht an ech mengen et kann een net esou maachen, wéi wann näischt passéiert wier.

Dann ass zu Recht drop insistéiert ginn, dass déi Aufgabeniiwwerdung zwëschent CHNP an akute Spideeler keng einfach ass an och keng einfach bleift. Richteg ass awer, dass den akuten Deel an déi akut Spideeler eragehéiert an dass de CHNP sech muss op aner Missiounen, nei Missiounen, awer och Rehabilitation, an all déi Missiounen muss kënne konzentréieren, déi haut erwähnt gi sinn. Et ass ganz kloer, och wann de CHNP eng Rei vun Aufgaben ewechgeholl kritt, dass en eng Rei vun aneren Aufgaben wäert kréien. An do ass den Dréi an Aangelpunkt ganz kloer d'Koordinatioun déi muss entstoen oder intensivéiert ginn zwëschent deene verschiddenen Acteuren.

Et ass virdu proposéiert ginn, dass een e Steiergrupp misst asetzen. Ech fannen dat eng ganz gutt Saach, à tel point dass ech dee Steiergrupp virun enger Rei vu Méint schonn agesat hunn, e Groupe de pilotage, e Comité de pilotage, eng Plattform Psychiatrie, déi am Moment besteet aus Leit aus dem Ministère, aus Leit aus den akute Spideeler, aus Leit aus dem CHNP, a wou mer noeneen eis Objektivter wäerte ginn. Am Moment ass d'Haaptobjektiv fir déi Reorganisatioun akut Psychiatrie un d'Rullen ze kréien, am Dialog zwëschent deene verschiddenen Acteuren, well déi verschidden Acteurë mussen zesummeschaffen, an duerno gëtt déi Plattform erweidert, wa mer nei Zilsetzungen och wäerte ganz sécher am Rapport vum Professer Rössler kréien.

(Coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Här Di Bartolomeo, erlaabt Der eng Fro vum honorabelen Här Wagner?

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Kee Problem.

■ M. Carlo Wagner (DP).- Här President, et ass keng direkt Fro, et ass just eng Prezisioun par rapport zu deem wat ech virdu gesot hunn. Ech gesinn éischter e Groupe de pilotage oder e Groupe d'accompagnement, wéi een et wëllt nennen, zwëschent justement alleguerten den Acteuren, déi directement concernéiert sinn. Dat heescht op där enger Säit d'Vertrieder vum CHNP, op där anerer Säit eben déi vun deene véier...

(Coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Ech géif bieten, endlech mat den Telefonen heibannen opzehalen!

■ Une voix.- Très bien!

■ M. Carlo Wagner (DP).- Ech hunn nach keen Telefon.

■ M. le Président.- Déi eng kréien Appelen, déi aner maachen Appelë vun heibannen! Dat ass dach net erlaabt!

(Interruptions diverses)

■ M. Carlo Wagner (DP).- Also

entschëllegt, Här President, ech hunn näischt héiere wou e genau hierkomm ass, den Telefon, mä ech mengen, et war net op därer Säit.

■ M. le Président.- Et ass schonn zéngmol dat nämlecht geschitt!

■ M. Carlo Wagner (DP).- Fein. Nach eng Kéier, Här Minister, wann Der erlaabt, dee Groupe de pilotage, wéi ech mer e virgestallt hunn, sollt si fir essentiellement Question-pratiques ze léisen, déi sech justement an der Relatioun, dat heescht zwëschent den Acteuren, déi directement concernéiert sinn, stellen. Ech mengen do mussen net onbedéngt Statsvertrieder derbäi sinn. Dat soll och e Comité sinn, deen net se grouss ass. Mä ech mengen et ass effectivement esou wéi ech et och éineschters gesot hunn. De CHNP an déi véier Hôpitaux généraux mussen ganz enk zesummeschaffen, also sollen et Vertrieder si vun deenen zwou Säiten.

Datselwecht gëllt net nëmmen elo fir wat d'Patienten ubelaangt, d'Betreierung vun de Patienten, wie wat genau oder wéini dass deen een oder deen anere sollt säi Rôle iwwerhuelen, mä och haaptsächlech wat d'Personal ubelaangt. Ech mengen am beschte géif dat à l'intérieur vun engem Comité restreint gemaach ginn, dat heescht vun deenen Acteuren, déi directement concernéiert sinn.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. Carlo Wagner (DP).- Dat war meng Iddi.

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech hu kee Problem mat deenen Ausféierung vum Carlo Wagner. Mir hunn eng Plattform, déi sech e bësse méi breet gesäit, an näischt hënnert eis dru fir aus där Plattform eraus, jee nodeem wat fir eng Themen akut sinn, Aarbechtsgruppen ze maachen, wat och zum Deel scho geschitt ass.

Ech weess, dass déi Zesummenaarbecht zwëschent CHNP an deenen akute Spideeler lues awer sécher un d'Rulle kënn an dass och vill méi intensiv wéi an der Vergaangenheet matenee geschwat gëtt. Mä an där enger Approche an an där anerer gëtt et keng grouss Differenzen. Dat heescht also déi Plattform, wéi se schonn emol eng Kéier bestan huet, ass reaniméiert ginn a gëtt progressiv ausgedehnt op den Extra-hospitalier. Et soll ee se net direkt vun Ufank un ze vill belaachten, ee Problem nom anere léisen an dann déi aner duerno.

Et ass richteg gesot ginn, dass an e puer Wochen de Rapport vum Professer Rössler ze erwaarden ass. Mat deem Rapport wäerte mer nei Indikatiounen kréien an den Dialog selbstverständlech mat der Chamber fleegen, fir doraus och Konklusiounen ze zéien.

Ech wollt zum Schluss, well de Gros vun der Diskussioun net iwwert de Projet gelaf ass, mä ëm dat wat hannerum Projet ass, och e kloere Message a Richtung CHNP ginn. Dat hei ass e wichteg Projet, well nei Missiounen vum CHNP dran enthalen sinn, wou d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs mer gesot huet, dass ech soll insistéieren, dass déi Zesummenaarbecht an deem Zentrum mat deene Leit um Zentrum, zwëschent Santé a Famille, ganz excellent ass an hei deem och Rechnung gedroe gëtt, doduerch dass och de Verwaltungsrot méi Spillraum kritt an der Zesummesetzung, wou ech net ausschléissen, dass déi Zesummesetzung an Zukunft e bësse méi diversifizéiert gëtt an ee sech och duerchaus kann iwwerleeën,

ob den Extra-hospitalier oder/an den Hospitalier dra vertrauede ka sinn.

Wichteg Missioun, e wichteg Signal vun dësem Projet ass, dass een de CHNP mat de Moderniséierungsaarbechten och an deenen nächsten zéng Joer, a wie weess doriwwer eraus, net eleng wäert loossen. E wichteg Message, deen haut aus der Chamber erausgaang ass, dat ass, dass een de Centre neuropsychiatrique als wichtigen Acteur an der Psychiatrie weiderhi gesäit, och wann déi Psychiatrie sech wäert diversifizéieren.

E wichteg Message och vun haut, dass een net u Personalofbau an deem heite Secteur denkt, mä d'Personal muss awer eng gewësse Mobilitéit weisen, well wann d'Patiente Mobilitéit zougemutt kréien, da muss och eng gewësse Mobilitéit beim Personal do sinn. Well ech muss soen, dass esou Zentre jo och kee Selbstzweck sinn, mä dass d'Zil vun neie Strukturen dat ass, dass een de Patienten déi beschtméiglech Betreierung soll ginn. Dat heescht Versteesdemech fir Suergen, mä och Mobilitéit an déi eenzel Richtungen eran, an do ginn och an der Zwëschenzäit gutt Diskussiounen gefouert.

Ech wollt just dann nach op eng Fro agoen, déi eng wichteg Fro ass an déi vun der Madame Stein-Mergen opgeworf ginn ass, dat ass déi vun den Zwangsmoosnamen, wou effektiv e Projet de loi ënnerwee ass fir dat nei ze regelen. Wann ech d'Madame Stein-Mergen richteg verstan hunn, dann ass d'CSV - net nëmme si, mä d'CSV - der Meenung, dass mer kloer solle vun deem System ewechkommen, wou den Dokter d'Zwangsaweisung eleng mécht, mä dass mer kloer sollen an déi Richtung goen, dass eng nei Aufgab bei de juristeschen Instanzen, bei de Justizinstanze soll kommen, fir an déi Richtung ze goe wou eng Rei vun europäesche Länner ginn. Hunn ech dat richteg verstanen?

Da wär ech och frou wann déi Message géife weidergoen, well dat ass ee vun deenen Diskussionspunkten, déi mir an eise Gremien hunn a wou e Klärungsprozess noutwendeg ass, fir dass mer mam Gesetz virukommen. Do gëtt et eng Rei vun Avisen. Dat gesot, géif ech nach eng Kéier allen Intervenanten en häerzleche Merci soe fir déi gutt Diskussioun.

(Coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Här Minister, Dir musst zum Schluss kommen.

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech si fäerdeg.

■ M. le Président.- Jo, mä Dir hutt Är Zäit och schonn iwwert dräi an eng hallef Minutt iwwerschrott.

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Neen, neen, do war dem Här Wagner seng Ried nach dran.

■ M. le Président.- Jo, et ass an der Rei, Här Di Bartolomeo, mir kennen Är Explikatiounen an der Zwëschenzäit.

(Hilarité)

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Mä, Här President, Dir sidd esou streng mat mir!

■ Plusieurs voix.- Jo, jo!

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Et ass esou e wichtigen Thema, Här President...

■ Une voix.- Do hutt Der Recht.

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.-...an Dir kommt aus

der Nopeschgemeng, wou dee wichtigen Zentrum ass. Da misst Der ganz besonnesch vill Versteesdemech hunn an...

■ M. le Président.- Här Di Bartolomeo, wann Der am Ufank net esou vill Zäit verluer hätt, da wiert Der längst fäerdeg. Sou, maacht lech elo wann ech gelift fäerdeg.

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Majo, Här President, wann Dir mech net dauernd géift ënnerbriechen, da wär ech scho laang fäerdeg!

(Hilarité)

Duerfir géif ech lech alleguer Merci soen an lech, Här President, fir déi Gedold, déi Der ëmmer erëm mat mir hutt, villmools Merci.

■ M. le Président.- Dir Damen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo definitiv ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5387. Den Text steet am Document parlementaire 5387⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Lydie Err), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet 5379 iwwert d'Produits biocides. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeloegt. Ageschriwwen si bis elo: d'Madame Martine Stein-Mergen, den Här Wagner, den Här Huss an den Här Jaerling. Ech denken dat sinn déiselwecht wéi...

■ Plusieurs voix.- D'Madame Frank!

■ M. le Président.- D'Madame Frank. Voilà. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol.

9. 5379 - Projet de loi modifiant la loi du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

■ Mme Claudia Dall'Agnol (*LSAP*), *rapporteuse*. - Här Minister, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleeen, beim Projet de loi 5379 handelt et sech en fait ëm eng Ëmännerung vum bestehende Gesetz vum 24. Dezember 2002 «relative aux produits biocides».

Déi vun Iech, déi déi lescht Legislaturperiod schonn an dësem heijen Haus siégéiert hunn, kënnen sech ganz sécher un dëst interessant Gesetz an och un d'Diskussionen heizou erënneren. Fir déi, déi d'Chance net haten do derbäi ze sinn, an dozou gehéieren ech selwer jo och, wëll ech awer kuerz erklären, wat dann elo iwwerhaapt e Produit biocide ass an ëm wat et sech am Gesetz vun 2002 handelt.

Fir unzufänken, ginn ech Iech mol d'Definitioun vun esou engem Biocidprodukt, an zwar handelt et sech heibäi ëm e Produit, deen dozou dënge soll, Beschiedegunge vu Liewensméttelen, Baumaterialien, zum Beispill Holz, awer och vun allgemenge Bedarfsobjeten, wéi zum Beispill Pabeier oder Lieder, Faarwen an och Lacken, ze verhéieren. Zu de Biocidproduit gehéieren awer och Désinfectanten oder awer oder Produiten, déi agesat gi fir zum Beispill Raten, Mais oder awer oder Schleecken Här ze ginn. An e ganz bekanntene Biocide, deen eigentlech jiddferengem heibanne misst e Begrëff sinn, dat ass den Eau de Javel. Ech ginn dann och elo weider net méi op déi Definitiou an, well Dir fannt se nach méi prezis am Gesetz erëm an och a mengem schrëftleche Rapport.

Ma natierlech gëtt et beim Gebrauch vun eben dëse Produité Risiken, net nëmme fir deen, deen domat ëmgeet, dat heescht den Anwender, mä och fir déi Leit, déi a Kontakt komme mat Materialien, déi mat esou engem Biocidproduit eben traitéiert goufen. A genee dowéinst koom dann och déi EU-Direktiv 98/8/CE zustan, an doropshin dann och eist bestoend Gesetz vun 2002, woumat mer déi Direktiv, déi ech genannt hunn, eben an d'nationaalt Recht ëmgemat hunn, an dat mir haut och mat deem Projet de loi ëmännere respektiv och verbessern.

Wat wëlle mer ëmännere respektiv verbessern? Ma fir prezis ze sinn, zwou Saachen. Éischtens, den Artikel 10 vum bestoende Gesetz. Wat seet deen Artikel? Ma e seet, datt Taxen agefouert ginn, an zwar via e Règlement grand-ducal; Taxen, déi bezuelt ginn, wann een eng Demande mécht, fir eben esou e Produit biocide autoriséiert ze kréien. Et steet an deem Artikel, datt déi Taxen an engem groussherzogleche Règlement festgeloegt ginn, mä se dierften net méi héich si wéi 4.000 Euro. Allerdéngs si méttlerweil dann och Taxen an deenen aneren EU-Länner bekannt, a se sinn ëm e Villfacht méi héich fixéiert wéi hei zu Lëtzebuerg, an e konkret Beispill heifir wär zum Beispill Däitschland mat 45.000 Euro.

Bon, wat bedeit dat doten elo fir Lëtzebuerg a sai Gesetz? Dir kënnt Iech jo virstellen, datt aus Käschtegrënn, dat heescht eisen nidderege Präisser, d'Hiersteller vun esou Produité kënnten dozou bruecht ginn, hir Demandé fir eng Umeldung allegueren hei bei eis eranzeginn. An ebe fir dëst ze verhënnern, drängt sech elo eng Upassung vun eiseem Taux am Gesetz, no uewen natierlech, op. Et soll een och wëssen, datt eis Administratioun net à même wier enger enormer Flut vun esou Demandé Rechnung ze droen, d'autant plus wou nach guer net bekannt ass, wat genee d'Aarbecht an den Opwand bei der Analys vun esou Produité wäert sinn.

Firwat ass dat net bekannt? Ma well eis Administratioun eben nach mat kenger Demande saiséiert

gouf, ausser um Niveau communautaire, dat heescht wou schonns bestoend Substanzen - wuertwierlech nenne se déi Substances actives anciennes - vun eis sollen analyséiert ginn.

Et handelt sech ëm zwéi Produiten, an de Ministère vun der Santé huet op Nofro vun der Kommissioun matgedeelt, ëm wat fir Produiten et sech do handelt: Et sinn dat d'Substanze mat deene schéinen Nimm Imidazole an Imazalil.

(Hilarité et interruption)

Imidazole an Imazalil, Här Bettel.

En huet eis awer am gläiche Schreiwe matgedeelt, datt dës Demandes d'analyse null an nichteig sinn duerch de Fait, datt de Produzent vun deene Substanze seng Demande zréckgezunn huet.

Dofir gëtt dann och proposéiert beim Artikel 16 vum bestoende Gesetz een Abschnitt bäizesetzen, dee Folgendes seet: «Le ministre peut, aux frais de l'État, occasionnellement ou régulièrement confier tout ou partie des tâches visées à l'alinéa qui précède à des experts ou instituts nationaux ou étrangers.»

Firwat soll dëst bäigeschriwwen ginn? Ma, wéi ech Iech schonns sot, ass net genee gewosst, wat esou Demandé vun Aarbecht mat sech bréngen, an dofir ass an der Verwaltung och bis dato elo nach keen heipop spesialiséiert Personal agestellt ginn.

De Fall also gesat, datt Lëtzebuerg an noer oder a ferner Zukunft mat Demandé saiséiert gëtt, déi eis Administratioun net kënnt bewältegen, schafe mer heimat déi legal Basis fir inländesch an ausländesch Experten ebe mat erunzeéien. Dëst also als Erklärungen an zum Versteedemach vum dësem dach, wéi ech mengen, zimlech technesche Projet de loi an och dem bestoende Gesetz.

Zu der Prozedur ass et esou, datt de Santésminister, den Här Di Bartolomeo, de Projet de loi den 9. September d'lescht Joer hei an der Chamber déposéiert huet. De Projet de loi ass och aviséiert gi vum Collège médical, der Chambre des Métiers an natierlech och dem Statsrot. An der Sitzung vum 28. Oktober 2004 huet d'Santéskommissioun mech als Rapporteuse vun dësem Projet de loi genannt, an doropshin ass de Projet an der Sitzung vum 27. Januar virgestallt, diskutéiert an natierlech analyséiert ginn.

De schrëftleche Rapport ass unanime an der Réunioun vum 17. Mäerz 2005 ugehall ginn, nodeems mer eis natierlech an der Diskussion mat den Avisen ausernee gesat hunn, déi keng Objektiounen an Observatiounen opgeworf hunn, a soumat also dëse Projet och vum Statsrot, dem Collège médical an der Chambre des Métiers favorabel aviséiert gouf. Favorabel gëtt en och vu menger Fraktioun aviséiert.

Ech géing da profitéiere vun der Geleeënheet, fir zum Schluss net nëmmen deene Leit Merci ze soen, déi aktiv beim Emsetze vun dësem Projet de loi matbedeelegt waren, mä och fir eben hei den Accord vu menger Fraktioun ze ginn, an domat géing ech Iech, Här Minister, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci soe fir d'Nolauschteren.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Madame Rapporteuse. Als éischt Riednerin ass agedroen déi honorabel Madame Frank. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ Mme Marie-Josée Frank (*CSV*).- Merci. Här President, Kolleeginnen a Kolleeen, e kuerze Rappel: E Biocide ass kee Medikament, dat um Mënsch oder um Déier genotzt gëtt. E Biocide ass

kee kosmetesche Produit, neen, Produits biocides hunn e preventive Charakter. Si gi benotzt doheem am Stot, a Spideeler, an den Dokteschpraxisen, an de Laboratoires. Si sinn also e Produit de conservation an e Produit de protection. De Biocide gëtt agesat géint Viren, Bakterien, Pilzer, géint d'Raten, d'Vigel an Algen.

Här President, d'Direktiv 98/8/CE gesäit am Artikel 24 vir, datt d'Memberstaten all dräi Joer e Rapport iwwer hir Tätigkeet am Beräich vun de Biociden zu Bréissel ofginn. Dëse Rapport soll Informatiounen iwwer eventuell Vergëfungen duerch d'Biocid ginn. Den éischte Rapport war am Mee 2000 bis November 2003, an de Rapport selwer koom den 22. November d'lescht Joer eraus.

Den éischte Constat ass, datt Lëtzebuerg selwer relativ wéineg Informatiounen am Rapport gëtt. Et kann een erauslesen, datt déi zu Bréissel onzefridde mat der Informatiounspolitik vu Lëtzebuerg waren.

En zweete Constat ass, datt hei zu Lëtzebuerg keng Persoun exklusiv fir den Dossier vun de Biociden zoustänneg ass. Dat licht och a fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg, wann ee bedenkt, datt a Frankräich nëmmen eng Persoun Vollzäit am Ministère an eng Persoun Vollzäit an der Agence française de la Sécurité sanitaire des Aliments un dësen Dossieré schaffen.

Et heescht am Rapport weider, datt Frankräich an nächster Zäit ëm déi 50 Persounen soll astellen, well si festgestallt hunn, datt dës zwou Persounen einfach net duerginn - also eng fierchterlech Augmentatioun. Lëtzebuerg huet op Bréissel gemellt, datt geplangt ass, e separate Service ze schafen, dee sech nëmmen ëm d'Biocidë këmmert. Dës Meldung op Bréissel steet awer licht am Widdersproch zu eiseem Gesetzesprojet, wou mir explicite dem Ministère d'Fräiheit ginn, extern Experté bäizeéien.

Duerfir meng Fro un de Minister: Soll weiderhin d'Division de la pharmacie et des médicaments an der Direction de la Santé fir den Dossier vun de Biociden zoustänneg sinn? Oder gëtt e spezielle Service exklusiv fir d'Biociden am Gesondheitsministère geschaf?

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

En drëtte Constat ass, datt Lëtzebuerg keng Zuel vu Kontrollen op Bréissel gemellt huet. Kontrollinstanze sinn d'Police, d'Douane, d'Direction de la Santé, de Laboratoire National de Santé an den Ëmweltministère - eben eng laang Rutsch vu Kontrollinstanzen. Ech froe just, Här Minister, ob dat net e bëssen dees Gudden ze vill ass.

Dem Rapport no ass beim Lëtzeburger Stat en hallefzäit beschäftegten Apdikter-Inspekter mat der Kontroll agesat. Et gëtt am Rapport zouginn, datt eng quasi hallef Persoun e bëssen ze wéineg ass. Duerfir soll jo d'Zesummenaarbecht mat den zoustännegen Autoritéiten an eisen Nopeschlänner gefördert ginn.

Här President, mir hate virun der Direktiv 98/8/CE keng speziell Gesetzgebung am Beräich vun de Biociden. Duerfir doe mir eis vläicht e bësse schweier, déi néideg Services opzebauen. Mat dësem Gesetzesprojet gi kleng, mä wichteg Ännerungen um Lëtzeburger Gesetz virgehall. Dës Ännerunge kann d'CSV-Fraktioun voll ënnerstëtzen, duerfir ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen der Rapporteuse Merci fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Madame Frank. Nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner. Dir hutt d'Wuert, Här Wagner.

■ M. Carlo Wagner (*DP*).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischte wëll ech et net verfeelee fir der Rapporteuse, der honorabel Madame Dall'Agnol, ze félicitéiere fir deen excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech muss soen, si huet dat därmoosse prezis gemaach, dass et mir erlaabt fir ganz kuerz ze sinn. Ech wëll just rappéléieren trotzdeem, dass och deen heite Projet de loi, wéi sollt et anescht sinn, vun der viregter Regierung élaboréiert ginn ass.

(Interruption)

Mir halen op déi historesch Wou-rechten, Här Wolter.

(Interruptions diverses)

Dat gesot, wéi gesot ass et eng Reform vun der Loi de base vum 24. Dezember 2002: eng Loi de base, déi haaptsächlech aus zwéi Punkte bestanen huet. Dat Éischt, d'Definitioun vun de Produit-biociden, zweetens awer och déi néideg Evaluatioun, well ebe gesot ginn ass, dass op alle Fall kee Produit biocide méi dierft op de Marché kommen, dat net evaluéiert wär a wou prouvéiert wär, dass net Risque-inacceptablen dra wäeren. Et war also eng Garantie fir d'Consommateuren dobaussen.

Zousätzlech, wéi gesot, hu missen déi Produkter op déi sou genannten Annexes, dat heescht Listes positives communautaires kommen. Et ass virdrun ugeklongen, dass effectivement dee Präis vu 4.000 Euro, deen am Ufank am Gesetz steet, bal ridicule war soubal mer et verglach hu mat deenen anere Länner an der Union européenne, wou - an d'Chiffere sinn hei och scho genannt ginn - dat considérablement méi héich ass.

Mir hätten also riskéiert, carrément mat esou Demandé submergéiert ze ginn hei zu Lëtzebuerg, an dat obschonn dass mer keng Experten en fait an deem doten Domän hunn. A souguer wa mer Experten hätten oder där géifen astellen, muss ech soen, mat 4.000 Euro wär et ouni Zweifel nach kee Geschäft fir Lëtzebuerg, au contraire, mir géifen do vill Sue bäileeën. Duerfir, ouni elo wëllen am Numm vu mengem Successeur d'Fro vun der Madame Frank ze beantweren, kënnt ech mir raisonnablement net virstellen, Här Minister, dass, esou wéi d'Fro war, e Service spécial biocides an der Direktioun vun der Santé géif geschafe ginn.

Ech mengen op alle Fall, d'Hausse sensible vun den Tariffer war déi richteg Äntwert op déi heite Problematik, an duerfir wäert Der Iech allegueren net wonnere, dass ech dierft am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei den Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Här Wagner. Nächste Riedner ass den Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

■ M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt der Madame Rapporteuse Merci soe fir hire klere Rapport, dee se hei gemaach huet zu dësem klengen Gesetz, well et ass am Fong e klengt Gesetz, wou et nëmmen ëm liicht Ofännerunge geet vum Gesetz iwwert d'Biocid vum Joer 2002, e Gesetz wat bekanntlech berout huet op enger europäescher Direktiv 98/8, déi mer hei dann ëmgemat hunn.

Mat de virgeschloene Modifikatiounen - Erhéijung vun den Taxe beim Enregistrement vu Biociden hei zu Lëtzebuerg - si mer selbstverständlech averstanen, a mir sinn och d'accord mam Prinzip

vum Réckgrëff op auslännesch Expertise, wann eenzel Demanden un eis hei a Lëtzebuerg erugedroe ginn.

Domadder wier eigentlech alles zu dësem Gesetzesprojet an zu senger Modifikatioun gesot an ech kënnt mech eigentlech erëm direkt sëtze goen. Ech wäert dat awer net maachen. Dir musst mer awer nach e puer Minutten nolauschteren, well ech mengen, datt déi Modifikatiounen vläicht net esou vu Bedeutung sinn, mä d'Gesetz selwer awer vu Bedeutung ass, an déi EU-Direktiv iwwert d'Biocid vum Bedeutung ass, a well ech der Meinung sinn, éischtens, datt de Gros vun de Leit, déi heibannen nolauschteren an hei sëtzen, iwwert déi Problematik net vill Informatiounen hunn, an datt och de grand public dobaussen iwwert déi Problematik net vill Informatiounen huet, obschonn et eng ganz wichteg Problematik ass.

An zum Zweeten, well ech der Meinung sinn, datt dat Biocide-Gesetz, wat op der Biocide-Direktiv berout, nach laang net eng positiv Biocide-Direktiv ass. An där Biocide-Direktiv gëtt et eng ganz Partie vu Lacunen a Widderspréich, an ech wëll Iech kuerz erklären, firwat déi Biocide-Gesetzgebung oder Biocide-Richtlinn op europäeschem Plang nach laang keen zefriddstellende Schutz vun der Gesondheet vun de Leit an Inneraim ass, ob dat a Wunnengen ass oder ob dat a Bürosraim ass a sou virun.

Am Ennerscheid zu de Pestiziden, déi an der Landwirtschaft, am Wäibau oder an de Gäert dobaussen ausbruecht ginn, mat alle Gesondheitsrisiken, déi mer och do lues a lues ufänken ze mierken, ginn also vill Biociden, ganz vill verschidde Biociden a Banneraim, a Wunnengen a sou virun agesat, ouni datt se genuch gepréift wieren iwwer Laangzäitwierkungen a virun allem iwwer Kombinatiounswierkungen, déi se kënnen hunn op eis Gesondheet!

A wann et dann zu Gesondheitsproblemer an esou Wunnengen duerch Biocidë kënnt, da gëtt geschwat vu Wunngëfter, vun „indoor pollution“, vu Sick-Building-Syndrom, an dat ass bekanntlech ee vun den Haaptaspekter vun der Problematik Ëmwelt a Gesondheet, déi eis haut zounehmend europawäit ëmmer méi beschäftegt.

D'Aféierung vun enger europäescher Biocide-Direktiv war sécher notoutwendeg a begrëssenswäert. Gradsou wéi de Prinzip vu sou genannte Positivlëschten, dat heescht, datt en neie Produkt theoretesch just op déi Positivlëscht vun zougeloossene Biociden dierft kommen, wa virdru seng gesondheetlech Onbedenklechkeet nogewise gouf.

Mir befannen eis mat dëser Biocide-Direktiv an där méi aktueller grousser Problematik, déi ganz aktuell ass, vun der Reach-Problematik, déi elo am Europaparlament diskutéiert gëtt an ëm déi heftegst gestridde gëtt an op déi ech am Mee vun dësem Joer an enger Interpellatioun un d'Regierung nach eng Kiéier hei wäert zréckkommen.

D'Biocide-Direktiv ass een Enneraspekt do dervun, a mir mengen, datt et iwwert déi Reach-Direktiv misst méiglech sinn, an deenen nächste kommende Méint a Joren, datt och déi Biocide-Direktiv drastesch verbessert gëtt par rapport zu deem Zoustand, dee se haut huet. Si muss iwwerschafft ginn an deem dote Sënn.

Wat ass dann esou problematesch an där aktueller Biocide-Gesetzgebung oder Biocide-Direktiv aus dem Gesetz vun 2002? E puer Beispiller nëmmen iwwert déi wichtegst Biociden, dat heescht Holzschutzméttel, Insektiziden, Desinfektionsméttel oder Konservierungsméttel.

En éischte Problem vun der Direktiv ass deen heiten: All déi al Biociden, déi scho virun 2000 um Mar-

ché waren, därfen - och wa se gesondheetsgeféierlech sinn - an enger Iwwergangszäit vun zéng Joer, dat heescht also bis zum Joer 2010, weiderhin an den Haiser agesat ginn! Wann et noweisbar schlecht ass fir d'Gesondheet vun de Leit och nach déi nächst Joren, also wäert dat problematesch sinn.

En zweete Problem vun där Biocide-Gesetzgebung ass den eklatante Widdersproch, datt zum Beispill geféierlech Insektiziden oder Produkter zum Schutz géint d'Matten a Wollteppecher, wéi zum Beispill de Lindan oder de Permethrin, an der Landwirtschaft net méi därfen agesat ginn, awer am Haushalt, do bleiwe se erlaabt! Am Traitement vun Holz, vu Schief, vun Teppecher oder souguer géint Lais bei Kanner. Wat sinn d'Gefore vun deenen zwee? Ech wëll dat emol un deenen zwee Stoffer festmaachen.

Wat sinn d'Gefore vun esou Stoffer? Beispill Lindan. Lindan huet noweislech - an deen därerf nach ëmmer agesat ginn am Haushalt - eng östrogen, dat heescht eng hormonell Wierkung. Lindan ass noweisbar ierfgutschiedegend. Lindan ass am Déiereversuch kribbs-erregend an e steet am dréngende Verdacht, bei Fraen de Broscht-kriibsisrisiko ze vergréisseren. Lindan misst dofir an eisen Aen, grad-sou wéi de Pentachlorphenol virun e puer Joer, direkt verbuede ginn!

Lindan an ähnlech géfteg Substanzen, Här Minister, gi vun Ärem Service de médecine de l'environnement, vun der Émweltambulanz also, ëmmer erëm an eenzelne Stëbsprouwen an eisen Haiser erëmfonnt. Lindan fënnt een zum Beispill och an de biochemeschen Analyse vu Broscht-tumouré bei Fraen.

Wat mer an de Stëbsprouwe vu munche Lëtzebuerger Haiser fannen, dat sinn zum Beispill och sou genannte chemesch Altlasten. Zum Beispill nach ëmmer DDE, den Ofbauprodukt vum DDT, deen 1978 verbuede ginn ass. Hei verbuede ginn ass, mä net am Tiers-Monde! An deen DDE, den Ofbauprodukt vum DDT, wou fanne mer deen erëm? Mä dee fanne mer erëm am Hausstëbs, mir fannen en erëm an importéierten Teppächer aus dem Tiers-Monde, an doduerger fanne mer en och erëm bei de Leit. Datselwecht gëllt fir de Pentachlorphenol als eng weider Altlast.

Nom Rapport d'activité vum Ministère vun der Santé vun 2004, dat heescht aus deem leschte Rapport d'activité, do ass gesot gi vun der Émweltambulanz, datt se 510 verschidden Haiser hei am Land, hei zu Lëtzebuerg analyséiert hätten.

(Interruption)

Do ass DDT...

Här Fayot, wat hei d'Problematik vun der Chamber ugeet, dat kéint een duerchaus, dat wier sënnvoll dat och eng Kéier ze ënnersichen. Ech géif mengen, virun allem d'Klimatisatioun ze ënnersichen, an och do kënne Problemer sinn. Dat schéngt mer hei den Haaptproblem ze sinn, wann och dat op Ärer Säit ëmmer schéngt Problemer ze sinn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Fuert Dir weider, Här Huss.

■ M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Zum Beispill ass deen héich geféierlechen DDT a 36 Fäll vun deene 510 ënnersichten Haiser fonnt ginn, hei zu Lëtzebuerg. Pentachlorphenol ass no deenen Analysen an 33 Haiser fonnt ginn.

An ech hu virdru gesot wou deen DDT hierkënn. En ass éischstens extrem laanglieweg an zweetens ass en an den Teppächer, déi aus dem Tiers-Monde kommen, nach ëmmer zum Deel enthalten.

Ech hat virdrun och zum Beispill vum Widdersproch geschwat, datt engersäits de Lindan an der Land-

wirtschaft verbueden ass, an an den Haiser erlaabt ass. Datselwecht gëllt fir d'Permethrin, eng héich geféierlech Substanz aus dem Beräich vun de synthetesch Pyrethroiden. Wou ass dee Permethrin ze fannen? Mä Dir fannt en an allen, net an allen, mä a ganz villen Haiser an a ganz ville Büroen, well dat zu jorelaange Belaaschtunge mat deene Stoffer féiert.

Bei Moossunge vun der Émweltambulanz am Joer 2004 goufen an 125 Wunnengen, vu 500, dat heescht dass an engem Véierel vun de Wunnenge vun deene 500, déi ënnersicht gi sinn, kritesch Schwellewärter fir Permethrin iwwertraff ginn. No Moossungen, déi offiziell gemaach gi sinn.

Wat ass Permethrin, wat si Pyrethroiden? Mä och déi hunn eng hormonell Wierkung, sinn immunschiedegend an hunn eng neurotoxesche Wierkung. An esou Substanzen, déi dierften dach eigentlech net an Haiser virkommen. Déi missten also vun deene Positivleschten erofgeholl ginn, an där Richtlinn.

Mä et sinn net nëmmen dës Substanzen a Stëbsmaterial oder Loftprouwen, déi gemooss gi si vun Ärer Émweltambulanz, och aner Stoffer sinn do fonnt ginn. Zum Beispill an 102 Fäll ass Eulan fonnt ginn, och en héich problemateschen Insecticide. Et si Solvanté fonnt ginn an de Wunnengen, wéi Toluol oder Benzol, an et si Weichmacher a Flammschutzmittel fonnt ginn. Flammschutzmittel, zum Beispill, do hu mer eng Substanz, déi heescht TCEP. Déi ass net nëmmen am Hausstëbs fonnt ginn. Déi ass, Madame Stein,...

(Interruptions et hilarité)

Wësst Der wou déi fonnt ginn ass? E kribbs-erregende Stoff ass an 12 Fäll an Hausmatraze vu Kanner fonnt ginn, a Kannerzëmmeren an den Hausmatraze fonnt ginn. Dat ass eng kribbs-erregend Substanz, wou ech mengen, datt déi net an eng Kan-nermatraz géif gehéieren.

(Interruptions)

An et si Matrazen zwar fonnt ginn. Fir déi Leit, déi betraff sinn, wou Kanner eventuell Gesondheetsproblemer kréien, do ass dat net eppes fir driwwer ze laachen.

(Interruptions)

E lescht Beispill, fir d'Inneraumbelaaschtung duerch Biociden ze illustréieren, dat ass d'Beispill vun de Weichmacher, vun de Phthalaten, e ganz komplizéierten Numm. Zum Beispill vun enger Substanz, déi ech do nëmme wëll erwähnen, dat ass den DEHP. Deen DEHP ass fonnt ginn a Kannerspillsaachen, a Plastik, an de Schnulleren, an de Suckele vun de Kanner ass e fonnt ginn, an d'europäesch Kommissioun huet elo virun e puer Méint den DEHP an dräi Beräicher verbueden. Esou geféierlech gëtt deen DEHP ageschätzt.

Deen DEHP, dee gëtt et awer nach a villen anere Beräicher, och am Haushalt. Zum Beispill a PVC-Buedembelägg gëtt et en. An eng rezent Etüd vum November d'lescht Joer vum Karolinska Institut aus Schweden, ee vun de renomiertste wëssenschaftleche medezineschen Instituter, huet erausfonnt, an engem Vergläich vun 200 Kanner mat Asthma an 200 Kanner ouni Asthma, datt den eenzeggen Ënnerscheed war, d'Belaaschtung vum Hausstëbs a vun de Buedembelägg an de Kannerzëmmer mat PVC, mat dem Weichmacher aus dem PVC. Dat war den eenzeggen Ënnerscheed, dee se festgestallt hunn zwëschent deene belaaschtene Kanner an deenen net belaaschtene Kanner.

Dat si Saachen, déi nach ëmmer erlaabt sinn, laut Biocide-Gesetzgebung, a mir mengen dofir, et ass dat wat ech am Ufank gesot hunn, datt et net nëmmen e Problem ass vun net genügend Informatioun dorüwwer, mä dass et e Problem ass, datt déi Biocide-Richtlinnen drin-

gend missten iwwerschafft ginn, op der Basis vun deene rezentste wëssenschaftleche medezineschen Erkenntnisser.

Ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, eng ganz Rei vun anere Beispiller kënnt ech hei virbréngen. Ech mengen, et ass awer net ubruecht. Well et hei am Fong just ëm déi kleng Modifikatiounen geet, wëll ech dorobber verzichten. Mä ech ginn lech d'Garantie, datt wa mer hei iwwert d'Interpellatioun iwwer „Reach“ schwätzen, datt dat doten een Ënneraspekt ass vun där Problematik, déi am Moment am europäesche Parlament diskutéiert gëtt a wou et ëm Émwelt a Gesondheet geet a wou d'Europäesch Kommissioun ëmmerhin 2003 eng relativ couragéiert Proposition „Reach“ op den Dësch bruecht huet, fir endlech dee Chémikaliemarché am Sënn vun Émwelt a Gesondheet besser an de Grëff ze kréien. An dorobber wäerte mer also hei mussen agoen. A wann et bei enger couragéierter Léisung op europäeschem Niveau bleift, da wäerte mer d'Chance an deenen nächste Jore vläicht kréien, datt eng Rei émweltbedéngten Erkrankungen, datt mer déi vläicht wäerte kënne mol an de Grëff kréien. Datt mer se kënne eventuell souguer reduzéieren. Datt et net méi zu esou Krankheete kënnt, an dann huet dat och Implikatiounen op eis Krankekeeseproblematik.

Well dat dote sinn d'Problemer, déi vun Doktere meeschtens net erkannt ginn an da lafen déi Leit vun Dokter zu Dokter, vu Spezialist zu Spezialist, vun Analys zu Analys an esou virun. An dat sinn och Saachen, déi eise Krankekeesesystem zu engem Deel finanziell belaaschten, an dat muss net sinn.

Do musse mer preventiv virgoen an dofir mengen ech, datt déi Biocide-Geschicht hei eng wierklech wichteg ass. Mä si muss geännert ginn. Si muss verbessert ginn an dat soll lafen iwwert eng besser Reach-Gesetzgebung. A wann dat geschitt, da kënne mer méi Satisfaktioun hunn um Niveau Émwelt a Gesondheet, datt et besser geet.

Merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Här Huss. Als leschte Riedner ass den Här Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

■ M. Aly Jaerling (*ADR*).- Dat deet esou wéi, datt ech ëmmer dee Leschte sinn.

Här President, ech géif och der Madame Rapportrice selbstverständlech meng Felicitatiounen aussprieche fir deen excellente Rapport. Si huet dat mat esou vill Charme gemaach, dass ee schonn erëm drop waart, fir se erëm eng Kéier hei op der Tribün ze gesinn.

(Hilarité)

Ech war de mueren an der Commission de l'Égalité, do sinn ech inspiréiert ginn.

(Hilarité et interruptions)

Ech hu méi verstane wéi Der mengt, dat wësst Der jo. Ech gesinn et just aus engem anere Bléckwénkel wéi Dir.

Här President, Biociden, déi si soss am Fong ëmmer als Pesticides pour usage non agricole bezeechent ginn, mä et gëtt awer nach eng Rei aner Bezeichnungen fir d'Biociden. Zum Beispill bei den Entreprises, déi se hierstellen, do gi se Produits phyto-sanitaires genannt. Bei den europäesche Règlementen fënnt een de Begrëff Produits phyto-pharmaceutiques erëm a bei den agronome Wëssenschaftler, do heesche se Produits agro-pharmaceutiques. Egal wéi se op jidde Fall genannt ginn, se

déngen awer dem Zweck fir eng Rei Produkter unzibidden, déi fir Désinfectants ménagers, Insecticiden, Holzschutzmittel oder eng Rei waasserléislech Fuerwen a Schutzmitteln hierstellen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Den Objektiv soll awer sinn, fir eng héchste Protectioun fir Mënsch, Déieren an Émwelt ze garantéieren. Et geet drëm Produkter op de Maart ze bréngen, déi akzeptabel Risiko mat sech bréngen. Laangfristeg gesi sollen déi Produité preventiv wierke géint kribbs-erregend Effekten oder toxesche Nowierkunge fir Reproduktiounen, fir toxesche Substanzen ze ersetzen, respektiv persistenten oder bio-cumulabel Produkter.

De Projet, dee mer haut hei virleien hunn, ass eng noutwendeg Ergänzung vum Gesetz vum 24. am Chrëschtmount 2002 a respektéiert och voll a ganz déi diesbezüglich EU-Direktiv vun 1998.

Wa mer elo an dësem Gesetz haauptsächlech Strofe verstärken, esou sinn ech awer der Meinung, dass dat net duergeet, mä dass niewent de Strofen trotzdem awer d'Kontrollen, ier déi Produkter op de Maart kommen, onbedéngt musse verschäerft ginn, an och wann ech net grad esou définitivesch si wéi den Här Huss, esou mengen ech awer, dass e ganz Recht huet, wann e seet, dass et net duergeet hei mat Strofen ze operéieren, mä dass awer preventiv muss gewierkt ginn an och op jidde Fall muss dofir gesuergt ginn, dass déi Substanzen, wa se op de Maart kommen, enger strengster Kontroll ënnerworfen ginn an dass et net nëmmen déi Produité sinn, mä dass een awer och gesäit, an elo e puer rezent Beispiller, wéi zum Beispill am Enregistrement, am neien Enregistrement um Kierchbiere, wou ganz vill gesondheetlech Problemer opgetaucht sinn, wou Kloe si vu Leit, wou Krankheitsfäll méi wéi iwwert der Moyenne leien. Dat heescht, wou och mat esou Substanzen geschafft gëtt a wou och besonnesch den Tapis plain mat de Stëbsmilben an all deem, wat do drunner hänkt, awer e groussen Impact op d'Gesondheet vun deene Leit huet.

Esou dass et och net schlecht wier, wann eng Kéier eng Analys géif gemaach ginn, wéi besonnesch an den öffentliche Gebaier mat esou Substanzen ëmgaangen ass, ëmgaange gëtt an dass gekuckt gëtt, dass zumindest do mol un alleréischter Stell dofir gesuergt gëtt, dass esou Substanzen net méi an de Gebrauch kommen.

Well dëse Projet awer an déi richteg Richtung geet, kënne mer e selbstverständlech als ADR awer stëmmen.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Den Här Grethen freet d'Wuert nach.

■ M. Henri Grethen (*DP*).- Här President, hei am Haus ass jo mat Momenter ganz vill Opreegung. An nodeem ech elo dem Här Huss opmierksaamst nogelauschtert hunn, froen ech mech, ob dat net kéint drop zréckzeféiere sinn, dass hei och am Bau e puer geféierlech Substanzen gebraucht gi sinn, an ech froe mech, ob et net wichteg wier, emol d'Émweltambulanz heihinner kommen ze loosser, fir ënnersichen ze loosser, wat dann d'Leit esou opreegt.

(Hilarité)

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Här Huss, hutt Der eppes Substanzielles zu där Propositionen ze soen?

■ M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Jo, ech hunn eppes Substanzielles ze soen, well wéi hei déi Chamber renovéiert ginn ass, du war ech an engem Aarbechtsgrupp mat der-

bäi, deen duerfir sollt suergen, datt déi Saachen, déi hei gebraucht gi sinn, solle baubiologesch eenegermoossen an der Rei sinn. Ech sinn och der Meinung, datt viles heibannen an der Rei ass, mä et schéngt ee Problem hei effektiv ze bestoen, deem ee misst nogoen, deem d'Émweltambulanz misst nogoen, dat ass d'Problematik vun der Léftung, vun der Aératioun heibannen. Do kann et sinn, datt an der Léftung, wann déi net seriö gewart gëtt oder net oft genuch oder net mat deene richtige Produkter gewart gëtt, datt da Saachen an de Raum kommen.

Ech ka mech erënneren, datt schonn d'lescht Joer a virlescht Joer hei Kloe waren, virun allem op der Säit vun deenen dote Bänken.

(Interruptions et hilarité)

Vun deene Bänken op där doter Säit, datt do Kloe komm sinn iwwer Problemer, datt Leit op eng Kéier Schleimhautreizungen hatten, datt si sech net gutt do gefillt hunn, an ech géif et vläicht sënnvoll fannen, datt een nëmme weinst deem Problem, well dat do op där Säit ass, mat der Aératioun, sollt effektiv Nopräiwunge maache loosser.

Merci.

■ Une voix.- Très bien.

(Interruptions diverses, hilarité et coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Här Huss, ech kann lech berouegen, d'Belüftung an d'Entlüftung an d'Klimaanlag si viru kuerzem hei nogekuckt ginn, nogecheckt ginn. Bei der Belüftung an der Entlüftung schéngt alles an der Rei ze sinn, mä bei der Klimaanlag, déi eis awer nawell relativ vill kascht huet, klappt et nach ëmmer net. Ech weess net ob et hei uewen nëmmen esou waarm ass. Et ass iwwerall esou waarm. Also kucke mer nach eng Kéier duerno, fir lech Satisfaktioun ze ginn.

(Interruptions diverses)

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun der Diskussioun ukomm. D'Wuert huet elo de Gesondheitsminister fir Stellung ze huelen zum Projet. Här Di Bartolomeo, Dir kënnt och vun do uewen.

(Hilarité)

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, ech mengen, Här President, well Der de ganzen Nomëtten esou gentil mat mer waart a mech net ënnerbräich hutt, wann ech meng Riedezäiten iwwerschritt hunn, probéieren ech da ganz, ganz kuerz ze äntwerthen...

■ M. le Président.- Très bien.

■ M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- ...an lech Merci ze soe fir Är Indulgence.

Éischstens, no där gudder Presentatioun vum Projet duerch d'Rapportrice brauch ech net méi op d'Detailer zréckzekommen. Et ass en noutwendeg Projet, well mer d'Taxe fir den Enregistrement op eng raisonnabel Héicht festleeën an domat och verhënnern, dass mer als Land iwwerrullt gi bei nidderegen Tariffer vun esou Demandé fir déi verschidde Produkter ze präiwen.

Well mer dann och net iwwerrullt wäerte ginn, an do ginn ech dann op d'Fro vun der Madame Frank an, brauche mer déi Servicer net deementspriedend weinst dësem Problem auszebauen, wat eis awer net wäert drun hënnere fir Iwwerleeungen ze féieren, awéifern dass mer d'Division pharmaceutique op aner Erausforderungen hin adaptéieren. A mir kënne schliisslech iwwert dat heite Gesetz op auslännesch Experten zréckgräifen, wann da sollen Demandes d'enregistrement kommen. Duerfir ass et net

noutwendeg hei eng speziell Divi-sioun ze kreéieren.

Op déi Iwwerleeunge vum Här Huss, déi ech an enger ganzer Rei vu Punkten deelen, wëll ech soen, dass mer net fir näischt an deenen nächste Méint innerhalv vun eiser Présidence wäerten eng Konferenz organiséieren, wou mer den Impakt vun Ëmweltgéifter op d'Gesondheet besonnesch an den Inneraim wäerte präiwen, wou mer eng ganz gutt Kollaboratioun hunn an, mengen ech, net nëmme Konferenze maachen, fir nei Iwwerleeungen ze maachen, mä fir Iwwerleeungen, déi op anere Plaze scho gemaach gi sinn, ze implementéieren. Do wäert also e positiven Impakt kommen an e positiven Input kommen, dee mer och weider wäerte leeden un d'Kommissioun, déi esou Iwwerleeunge muss implementéieren.

Dann e fënnefte Punkt. Wann d'Chamber selbstverständlech de Wonsch géif äusseren, dass d'Ëmweltambulanz eng Kéier laanscht kënnt, da stinn ech ganz gär zur Verfügung mat deene Servicer, déi mer hunn, fir ze verhënneren, dass eng Kéier eng aner Ambulanz muss kommen.

(Hilarité)

Ech soen lech villmools Merci a besonnesch dem President, dass hie mer esou laang nogelauschtert huet.

M. le Président.- Merci, Här Gesondheetsminister, speziell well Der lech haut esou kuerz gefaasst hutt an och fir Är gentil Offerte. Do ass d'ganz Haus lech dankbar.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5379.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholll mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Laurent Mosar), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par Mme Lydie Err), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland

Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Niki Bettendorf), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut de Mëtteg d'Demande gehat vum honorabelen Här Bettel, fir eng Question parlementaire, déi hien un de Justizminister gericht huet, op den Ordre du jour ze kréien a fir déi kënne hei virzedroen. Et ass esou, dass opgrond vum Reglement déi Demande vum Här Bettel an deem Sënn net rece-

vabel ass, well mer an eise Reglement virgesinn hunn, wa keng Äntwert vun der Regierung do ass, da kann den Deputéierte froen, fir d'Fro op den Ordre du jour ze kréien.

Elo ass et awer esou, dass an deem Fall eng Äntwert do ass. Mä et ass eng Äntwert, déi an den Ae vum Här Bettel an och an den Ae vun aneren net zefridde stellend ass an deem Sënn, wou d'Äntwert net komplett ass. Ech hu mer dat ugekuckt an ech géif der Chamber proposéieren, effektiv wann eng Äntwert kënnt, déi esou onzefridde stellend ass, dass Deeler net beäntwert sinn, dass d'Chamber da soll domat d'accord sinn, fir déi Fro op den Ordre du jour ze kréien.

Ech proposéieren also, dass muer de Mëtteg - an ech informéieren de Justizminister an där Richtung - um hallwer dräi den Här Bettel déi Froen hei aus senger Fro stellt, déi net beäntwert sinn oder déi a sengen Aen net beäntwert sinn. Déi, déi beäntwert sinn, dat ass an der Rei. Déi aner stellt Der a mir furen nom Prinzip an no der Riedezäit, esou wéi se an eise Reglement fir d'Heure de questions virgesinn ass.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Voilà, da si mer um Enn vun der Sitzung. Muer de Mëtteg um hallwer dräi gesi mer eis erëm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.08 heures)

Chamber TV

weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral
mat enger
Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

Ordre du jour

- Dépôt de deux projets de loi
- Ordre du jour
- Question avec débat N°1 de M. John Castegnaro relative à l'évolution du chômage
(Discussion générale - motion)
- Question parlementaire N°212 de M. Xavier Bettel relative aux mesures de sécurité au Centre pénitentiaire
- Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur le gender budgeting, c.-à-d. l'établissement du budget de l'État selon la perspective du genre
(Discussion générale - motion)
- 5171 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2002
(Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5166 - Projet de loi modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel et portant modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5306 - Projet de loi concernant l'assistance administrative entre les États membres de la Communauté européenne en matière de taxes sur les primes d'assurance
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5298 - Projet de loi portant approbation du Protocole d'amendement à la Convention internationale pour la simplification et l'harmonisation des régimes douaniers, fait à Bruxelles, le 26 juin 1999
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote

constitutionnel)

11. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, François Biltgen et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.- Jo, Här President.

M. le Président.- Den Här Ëmweltminister huet d'Wuert.

1. Dépôt de deux projets de loi

M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.- Här President, de Statschef huet mer de 7. März d'Autorisatioun ginn, e Gesetz ze deponéieren, wat eng Modifikatioun vum Juegdgesetz wäert mat sech bréngen, an de 16. März huet e mech autoriséiert eng Modifikatioun vum Kommodosgesetz vum 10. Juni '99 ze déposéieren, wat zur Aufgab huet d'Aarhus-Konventioun an de Kommodo ze transposéieren.

- Projet de loi N° 5452 modifiant et complétant la législation sur la chasse, et

- projet de loi N° 5453 modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés.

Merci.

M. le Président.- Ech huelen Akt vum Dépôt vun deenen zwee Projets de loi. Déi Projete ginn un déi zoustänneg Kommissioun verweisen.

2. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun haut de Mëtteg ubelaangt, wëll ech drun erënneren, éischstens datt uganks der Sitzung d'Question avec débat Nummer 1 vum Här John Castegnaro iwwert de Chômage évacuéiert gëtt, an datt zweetens den Här Bettel, no den Aktualitéitsstonnen, Prezisiounen zu senger Fro Nummer 212 vum Justizminister kréie wäert.

Mir kommen elo un d'Question avec débat vum Här Castegnaro, iwwert d'Entwécklung vum Chômage. Den Auteur vun der Question huet fënnef Minutten Zäit fir seng Haaptfro, an no der Äntwert vum Minister eng Minutt, fir seng Zousazfroen virzedroen. Der Regierung stinn 10 Minutten zou. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Castegnaro. Här Castegnaro.

3. Question avec débat N°1 de M. John Castegnaro relative à l'évolution du chômage

M. John Castegnaro (LSAP).- Här President, Kolleeginen a Kolleegen, Här Minister, Europa steet an deenen Deeg am Mëttelpunkt vun der Aktualitéit. E Samschden hunn Zéngtausende vu Gewerkschaftler demonstrieréiert géint Ofbau a géint Aarbechtslosigkeit. D'Regele vum Währungsstabilitéitspakt schénge méi realistesch ze ginn, also ugepasst ze sinn. De Fréijorsgipfel vun den EU-Stats- a Regierungschefen ass amgaang ze tagen an d'Mënschen an Europa erwaarden sech vun deem Sommet positiv Signaler, wat hir Zukunft ubelaangt.

Europa steet ganz besonnesch ënnert dem Androck vun der Massenaarbeitslosigkeit, vum Kafkraaftverloscht, vun der Veraar-

mung an och vu sozialen Ängschten, an der Zukunft. De Chômage an der Europäescher Unioun, mä och zu Lëtzebuerg, mécht de Mënschen Ängscht. D'Statec-Zuelematerial an de Comité de conjuncture vun haut de Muere bestätegen, dass et kee Réckgang gëtt, mä esouguer eng llicht Erhéijung: 9.945 Mënschen op der Sich no enger Aarbecht, 3.500 a sou genannte Beschäftigungsinitiativen, dat heescht an der Prekaritéit an an der Ongewëssheet, eng definitiv Aarbechtsplaz ze fannen.

Lëtzebuerg huet zënter 1975 e Koup vu Mesuren agefouert, de Fonds de chômage oder pour l'emploi ass geschaf ginn, d'Solidaritéitssteuer koom, Noutstandsarbeiten, Chômage partiel, vill Initiativen, innovativ a preventiv hu mer gehandelt, an déi zoustänneg Verwaltungen, wéi d'ADEM sinn och moderniséiert a Personnel opgestackt ginn. D'national Tripartité ënner anerem beschäftigt sech regelméisseg mat deenen an aneren Themen, och am Kader vun de sou genannte PAN-Gesetzer.

Vill, oft ongenotzte Moosnamen, vill finanziell Moyenen, och oft ongenotzt, stinn also zur Verfügung. An dach si mer bal 14.000 Mënschen ouni Aarbecht, eng Tendenzwenn ass net sichtbar an u Beispiller wéi Villeroy & Boch, wéi Valfond, wéi TDK, wéi ëmmer nach vill Failliten, loosse Schlämmen erwaarden.

De Regierungs- a Koalitiounsprogramm gesäit nei Moosnamen an Iddie vir, oder soll bestehender reforméieren, upassen, respektiv eng legal Basis schaffen, e Finanzierungsgesetz, fir déi sou genannte Beschäftigungsinitiativen, oder nach eng gesetzlech Basis fir d'Solidarwirtschaft als en zousätzleche Pfeiler an eiser Economie.

Generell, Här Minister, géing ech mer wënschen, dass d'Parlament hei, quasi automatesch een- bis zweemol am Joer, iwwert d'Beschäftigungssituatioun an d'Beschäftigungspolitik informéiert an an dee wichtige Prozess do mat abezu gëtt. An ech wär fro, wann de Minister an deem Sënn eng Initiativ géing ergreifen.